


# Aktuell

08-2023 06.09.2023

**Rappel**
**Vote par correspondance**
13.09.2023

**Commissions consultatives**
Appel à candidatures

GEMENG
SANDWEILER

18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu

## Biergerstonn

**vum 5. Oktober 2023 un**

Fir d'Demokratie an eiser Gemeng méi participativ ze gestalten, féiert de Schäfferot **eng Biergerstonn** an.

D'Biergerstonn erlaabt eng méi direkt Kommunikatioun tëschent dem Bierger an de politesche Responsabele vun der Gemeng. De Bierger kann säin Uleies an seng Propositiounen direkt un de Schäfferot an engem perséinlechen an diskrete Kader virbréngen.

Zu dësem Zweck gëtt **all 1. Donneschdeg am Mount vun 18 bis 19 Auer** d'Biergerstonn an der Gemeng organiséiert. D'Bierger ginn individuell vum Schäfferot empfaangen.

Déi éischt Biergerstonn fënnt **de 5. Oktober 2023** statt. Wee matmaache wëll, ass heimat häerzlech invitéiert e Rendezvous an der Receptioun vun der Gemeng unzefroen:

## Heure citoyenne

**à partir du 5 octobre 2023**

Afin de rendre notre commune plus participative et démocratique, le collège des bourgmestre et échevins met en place **l'heure citoyenne**.

L'heure citoyenne permettra une communication directe entre les citoyens et les responsables politiques de la commune, pour les citoyens de poser des questions, de proposer leurs idées directement au collège des bourgmestre et échevins dans un cadre personnel et discret.

A cet effet, l'heure citoyenne sera organisée **chaque 1er jeudi mois à la mairie, de 18 à 19 heures**. Les citoyens seront accueilis individuellement par les membres du collège des bourgmestre et échevins.

La première heure citoyenne aura lieu **le 5 octobre 2023.** Si vous souhaitez participer, il vous suffit de prendre rendez-vous à la réception de la commune:

**Tél.: 35 97 11-201**
**Mail: info@sandweiler.lu**

## Centre de collecte

Vum 7. Oktober 2023 un kënnen d'Awunner vun der Gemeng Sandweiler **all 1. Samschdeg am Mount vun 9 bis 12 Auer** vum „Centre de collecte" hannert dem Gemengenatelier profitéieren. Betriber sinn vun dësem Service ausgeschloss, et gi just privat Leit zougelooss. Elektroschrott souwéi Bauschutt kënne leider net ugeholl ginn. E Gemengenaarbechter ass déi Deeg do fir iech z'ënnerstëtzen.

**Opgepasst:** d'Ofgab vu Bam- an Heckeschnëtt, déi fir **de 4. Oktober ugekënnegt war, fält deementspriechend aus** a gëtt vun dësem Service ersat.

## Centre de collecte

A partir du 7 octobre 2023, les habitants de la commune de Sandweiler pourront profiter du centre de collecte derrière l'atelier communal **chaque 1er samedi du mois de 9h à 12h**. Les entreprises sont exclues de ce service, seuls les particuliers peuvent en bénéficier. Les déchets électriques et débris de construction ne peuvent pas être acceptés. Un agent communal sera présent pour vous soutenir durant ces journées.

**Attention :** le dépôt de coupes d'arbres et de haies, annoncé pour **le 4 octobre, n'aura donc pas lieu** et sera remplacé par ce service.

**Atelier communal Sandweiler : 111, rue d'Itzig L-5231 Sandweiler**

## Association Luxembourg Alzeimer

Den 28. Oktober weit d'ala (Association Luxembourg Alzheimer) eng nei Annexe zu hirem Fleegeheem „beim Goldknapp" zu Ierpeldeng an. Mir si frou Iech matzedeelen, dass d'Gemeng Sandweiler no der Ouverture vun **2 Prioritéitsrechter** an dësem Komplex profitéiere kann. Mir invitéieren also jiddereen, deen sech vun un dëser Offer ugesprach fillt an interesséiert ass, ala ze kontaktéieren:

## Association Luxembourg Alzeimer

En date du 28 octobre, l'ala (Association Luxembourg Alzheimer) inaugurera une nouvelle annexe de leur maison de séjour et de soins «beim Goldknapp» à Erpeldange. Nous avons la plaisir de vous informer qu'après l'ouverture, la commune de Sandweiler diposera de **2 droits prioritaires** au sein de ce complexe. Nous invitons donc toute personne concernée et interessée par cette offre de prendre contact avec l'ala :

**Tél.: 26 007-1 / info@alzheimer.lu**

## Schoulrentrée de 15. September

Well ab dem 15. September d'Schoulkanner erëm ënnerwee sinn, ruffe mir d'Automobilisten dozou op, **besonnesch gutt opzepassen**.

## Rentrée scolaire le 15 septembre

Une **prudence particulière** est conseillée aux automobilistes à partir du 15 septembre, grande journée de la rentrée scolaire.




## Alkleedersammlung den 22. September

Mir invitéieren d'Awunner vu Sandweiler a vum Findel d'Plastikstut (déi mat dëser Ausgab verdeelt ginn ass) mat hiren ale Kleeder a Schong ze fëllen, an se fir **de Freideg den 22. September** um Trottoir ofzestellen. E Camion sammelt d'Tuten **ab 8 Auer moies** an.

Wann Dir zousätzlech Tute braucht, kënnt Dir och aner Plastikstute benotzen. D'Kleeder ginn all recycléiert.

## Ramassage de vieux vêtements le 22 septembre

Nous invitons les habitants de Sandweiler et Findel de remplir le sac en plastique (distribué avec cette édition) avec leurs vieux vêtements et chaussures et de le déposer sur le trottoir pour **le vendredi 22 septembre**. Un camion viendra les chercher **à partir de 8 heures du matin**.

En cas de besoin, vous pouvez aussi utiliser d'autres sacs que ceux qui ont été distribués. Tous les vêtements seront réutilisés.

